PETITION n° 390 ID 635

Intitulé:

Asyl an Schutz fir Whistleblower zu Lëtzebuerg

But:

Lëtzebuerg soll sech domadder auserneen setzen firWhistleblower wei dem Edward Snowden Schutz an Asyl ze bidden.

Ee Whisleblower ass ee Mënsch deen Geheimnisser vun engem Staat oder enger Firma un d'Ëffentlechkeet bréngt. Dëst gëtt net aus eegenem Profit gemaach, mee fir d'Ëffentlechkeet op Mëssstänn hinzeweisen.

Den Juni 2013 huet den Edward Snowden, een US-Amerikaneschen Whisleblower, deen bis dato en Systemadministrator fir en Büro vun der NSA war, iwwer déi britesch Zeitung The Guardian vertraulech Dokumenter anonym veröffentlecht. Dës Dokumenter hunn déi ëmfaassend Iwwerwaachung a Spionage vun der NSA an den USA, an Tempora an Groussbritannien gewisen.Den 9. Juni huet den Edward Snowden seng Identitéit Präis ginn an den 14ten Juni huet FBI hien per internationalen Haftbefehl gesicht. Do gouf, während sengem Openthalt am Transitbereich vun enger Moskauer Fluchhafen, während Wochen op Politescher Ebenen iwwert säin Schicksal entscheed. Nodeems hien a Russland Asyl krut, an elo schonn säit engem Joer do ass, gëtt et Zäit fir dass een sech Gedanken mécht wei et weider geet an wou den Edward Snowden ënnerkennt. An Amerika drot him eng liewenslänglech Haftstroof. Sou wei dem Edward Snowden geet et nach villen weideren Whistleblower.

Mathëllef vun der Petitioun kéint, Lëtzebuerg als eent vun deenen éischten Länner Weltwäit iwwert ee gesetzlech verankeren Schutz fir Whistleblower entscheeden. Bis elo gouf nach net doriwwer diskutéiert an mat dëser Petitioun sollen des Diskussiounen ugereegt ginn.

****

Date et heure de la demande: le 08-06-2014 à 11:55
Pétitionnaire: Max Fleischhauer
Pétition au nom de "Jonk Piraten" en qualité de "Vice-Président de "Jonk Piraten""
Adresse: 3, op Waasserkierten, Aspelt, 5713